N°6467
Reçu le 11.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.07.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden.

No der Virstellung vum neien Agrargesetz am Ministère stelle vill Baueren sech Froen iwwert hir Zukunft. Eisen Informatiounen no ass fir dat nächst Agrargesetz virgesinn, kengem Betrib vun iwwer 150 Mëllechkéi respektiv 5 AKen am Véiberäich méi eng Baugeneemegung ze ginn. Och Bäihëllefe sollen et keng méi ginn.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung stellen :

- Kann den Här Minister déi genannten Informatioune confirméieren?
- Kann den Här Minister déi wëssenschaftlech Basis a Begrënnung vun dëse Mesuren erklären an och beleeën?
- Firwat ass d'Begrenzung op 150 Kéi respektiv op 5 AKen am Véiberäich festgesat ginn? Erwaart den Här Minister hei net eng Intensifikatioun vun der Produktioun pro Kou bei esou enger Begrenzung?
- Kann den Här Minister soen, op een Ënnerscheed gemaach gëtt, wann méi Famillje vun engem Betrib respektiv vun der Mëllechproduktioun liewen?
- Kann den Här Minister weider confirméieren, datt Strofe virgesi si fir Betriber iwwer 5 AKen, déi no 2023 méi Véi halen, wéi déi Joere virdrun?
- Firwat gëtt net alternativ d'Betribsentwécklung iwwert een objektive betribsspezifesche Monitoring zum Beispill a Saache Fudderautonomie gekuckt?

- Kann den Här Minister eis och matdeelen, wéi a wéini hie gedenkt, d'Lëtzebuerger Landwirtschaft iwwer déi uewegenannten Aschränkungen ze informéieren?

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

- Kennt den Här Minister soss nach Secteuren an der Wirtschaft, wou de Betribswuestem gestoppt gëtt vun enger Gréisst vu 5 AKen un?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6467 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

Déi honorabel Mme Deputéierte mécht an der Introduktioun vun hire Froe Referenz op dat neit Agrargesetz. Als éischt ass dozou ze soen, dass ech de betreffende Projet de loi den 2. August 2022 an der Chamber deposéiert hunn. Ech ginn dovunner aus, dass déi honorabel Deputéierte bei hire Froen d'Artikele 6 a 7 aus dësem Projet de loi viséiert. Zum bessere Verständnes hei déi besoten Artikele mat de respektive Kommentaren zu deenen Artikelen, déi dem Projet de loi bäigefüügt sinn.

*Art. 6. (1) Sont soumises à autorisation préalable du ministre :*

*1° l'augmentation du cheptel d'une exploitation agricole, lorsque la moyenne du nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale de l'exploitation des années 2020, 2021 et 2022 est supérieure à deux ;*

*2° la création d'une exploitation agricole, lorsque le cheptel qu'il est envisagé de détenir correspond à un nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale de l'exploitation supérieur à deux.*

*L'autorisation peut être refusée si les engagements de réduction des émissions d'ammoniac arrêtés à l'annexe II, tableau B, colonnes 1 et 2 de la directive (UE) 2016/2284 du Parlement européen et du Conseil du 14 décembre 2016 concernant la réduction des émissions nationales de certains polluants atmosphériques ne sont pas atteints.*

*(2) Aucune autorisation n'est accordée lorsque le nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale de l'exploitation est supérieur à cinq ou lorsque l'opération a pour effet de porter le nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale de l'exploitation à un nombre supérieur à cinq.*

*Art. 7. Lorsqu'il constate qu'un exploitant se trouve en infraction à l'article6, le ministre met celui-ci en demeure de régulariser sa situation. Si, à l'expiration du délai imparti, l'exploitation se poursuit dans des conditions irrégulières, le ministre prononce à l'encontre de l'exploitant une sanction pécuniaire correspondant à 20 000 euros par unité de travail annuel se rapportant à la production animale dépassant le nombre autorisé. La sanction peut être reconduite annuellement aussi longtemps que l'intéressé n'a pas régularisé sa situation.*

*ad article 6*

*Le Luxembourg a souscrit à des cibles nationales de réduction d'émissions des polluants de l'air ainsi que des gaz à effet de serre.*

*L'article a la prétention de participer à la mise en œuvre du programme national de lutte contre la pollution atmosphérique.*

*Le cheptel animal ayant été identifié comme la principale source des émissions d'ammoniac du secteur agricole, le ministère a l'intention d'éviter un accroissement outre-mesure du cheptel animal. Ainsi, outre les aides mises à disposition pour l'engagement volontaire du secteur agricole visant une réduction des émissions d'ammoniac, le ministère désire complémenter cette approche par les conditions définies dans l'article 3 :*

- *de soumettre à autorisation préalable du ministre toute augmentation de cheptel qui a pour effet de porter la production animale sur l'exploitation à plus de deux unités de travail annuel ; et*

- *de refuser une autorisation concernant une augmentation de cheptel qui a pour effet de porter la production animale sur l'exploitation à plus de cinq unités de travail annuel.*

*En outre de la réduction des émissions d'ammoniac, cette approche est présumée avoir aussi un effet positif quant à la réduction des émissions des gaz à effet de serre émanant du secteur agricole telle que détaillée au plan national intégré en matière d'énergie et de climat qui vise une diminution de 55 % des émissions nationales de gaz à effet de serre d'ici 2030.*

*Par analogie aux investissements en biens immeubles pour lesquels des limitations aux aides publiques sont fixées par rapport aux unités de travail annuel, l'article a également pour but de limiter la production animale par référence aux unités de travail annuel se rapportant à la production animale. L'unité de travail annuel calculée correspond à la prestation, mesurée en temps de travail d'une personne exerçant à temps plein une activité agricole dans une exploitation pendant une année. Ainsi le nombre d'unités de travail annuel se rapportant à la production animale est fonction du nombre de bétail présent sur l'exploitation pendant l'année en cause.*

*ad article 7*

*Cet article fixe les sanctions en cas de dépassement non autorisé du cheptel, soit :*

*Le fait, pour un exploitant, sans y avoir été autorisé, d'augmenter le cheptel d'une exploitation existante, d'augmenter le cheptel de l'exploitation de manière à ce que le nombre d'unités de travail se rapportant à la production animale soit supérieur à deux.*

*Le fait, pour un exploitant d'une exploitation nouvellement créée, sans y avoir été autorisé, de détenir un cheptel correspondant à un nombre d'unités de travail se rapportant à la production animale supérieur à deux.*

*Le fait, pour un exploitant d'une exploitation existante, d'augmenter le cheptel de l'exploitation de manière à ce que le nombre d'unités de travail se rapportant à la production animale soit supérieur à cinq.*

*Avant l'application de toute sanction pécuniaire, l'intéressé est mis en demeure de réduire le cheptel. S'il obtempère, il n'a pas à subir d'autres conséquences. Si l'exploitant n'obtempère pas, une sanction pécuniaire est prononcée dont le montant est fonction du dépassement du nombre d'unités de travail se rapportant à la production animale. Il s'agit d'une sanction strictement proportionnelle qui, lorsqu'elle est prononcée pour la première fois, n'est pas soumise à un pouvoir discrétionnaire du ministre, de sorte que le ministre est tenu de la prononcer dès l'expiration du délai imparti à l'intéressé*

*pour régulariser sa situation. La sanction est reconduite annuellement aussi longtemps que l'irrégularité persiste.*

- **Kann den Här Minister déi genannten Informatioune confirméieren ?**

De Landwirtschaftsminister ass net zoustänneg fir Baugeneemegungen, an et ass och net virgesinn, iwwert dëst neit Gesetz hei Zoustännegkeeten ze kréien. Deemno ass des Informatioun net richteg. Och ass et net richteg, dass et keng Bäihëllefe méi solle ginn.

Richteg ass, dass virgesinn ass, dass ënnert gewësse Bedingungen de Minister eng Véibestandsaugmentatioun refuséiere kann an iwwert 5 AKen am Véiberäich kéng diesbezüglech Autorisatioun méiglech ass.

Betreffend Bäihëllefe gesäit den Artikel 21 aus dem Projet de loi fir, dass eng Véibestandsaugmentatioun iwwert 5 AK am Véiberäich net eligibel fir Bäihëllefen ass.

- **Kann den Här Minister déi wëssenschaftlech Basis a Begrënnung vun dëse Mesuren erklären an och beleeën ?**

Lëtzebuerg huet sech zu ganz ambitiéisen Zäregas- a Loftschadstoffreduktiounen engagéiert. Bei de Loftschadstoffer ass d'Landwirtschaft notamment fir d'Ammoniakemissioune verantwortlech, wou des Ziler de Moment net erreecht ginn. Au contraire ass fir déi lescht Jore souguer eng Augmentatioun festgestallt ginn am Verglach zu 2005, wat d'Referenzjoer ass. Experte sinn sech eens, dass des Ziler just erreecht kënne ginn, wann, nieft anere Mesuren, och de Véibestand zu Lëtzebuerg stabiliséiert, oder besser, reduzéiert gëtt. Dofir gëtt mat dëser Mesure notamment proposéiert, eng iewescht Bestandsgrenz anzeféieren, fir eng weider Bestandserweiterung, virun allem bei deene méi grousse Betriber, anzegrenzen a soumat virun allem dem Familljebetrib eng Zukunft ze garantéieren.

- **Firwat ass d'Begrenzung op 150 Kéi respektiv op 5 AKen am Véiberäich festgesat ginn? Erwaart den Här Minister hei net eng Intensifikatioun vun der Produktioun pro Kou bei esou enger Begrenzung ?**

Déi 5 AK bezéien sech op dee ganze Véibestand vum Betrib a kënnen deemno an der Reegel net eleng iwwert d'Kouzuel vum Betrib definéiert ginn, well och déi aner Notzdéiere mat an d'Berechnung mat afléissen. Nieft der Stabiliséierung respektiv der Reduzéierung vum Véibestand fir d'Emissiounsziler ze erreechen, ass ee weidert Zil, dass zu Lëtzebuerg sou vill wéi méiglech Familljebetriber haaptberufflech an dësem Secteur rentabel a zukunftsfäeg kënne weider bestoen. Des Weideren ass déi Grenz ob 5 AK festgesat ginn, fir eng Koherenz mat den Investitiounsbäihellefen ze hunn, well och hei virgesinn ass, fir kéng Investitiounsbäihëllefe méi fir Bestandeserweiterungen ze bezuelen, déi iwwert 5 theoretesch AK fir Déiereproduktioun erausginn.

Effektiv ass et awer och esou, dass, fir déi national Emissiounsinventairen, ob elo Loftschadstoffer, notamment den Ammoniak, oder Zäregasen ze berechnen, och déi national duerchschnëttlech Mëllechleeschtung pro Kou berécksiichtegt gëtt. Des Berechnung gëtt net um Niveau vum eenzele Betrib gemaach, mee gëtt um nationale Niveau gerechent.

- **Kann den Här Minister soen, op een Ënnerscheed gemaach gëtt, wann méi Famillje vun engem Betrib respektiv vun der Mëllechproduktioun liewen ?**

Sou wéi dat elo schonn de Fall ass, gëtt de Betrib, ob Basis vu senger Betribsnummer, an domadder onofhängeg ob et eng physesch oder legal Persoun ass, déi de Betrib leet, als eng Unitéit ugesinn. Deemno ass proposéiert, datt keen Ënnerscheed gemaach gëtt, ob eng oder méi Famillje vum Betrib liewen.

- **Kann den Här Minister weider confirméieren, datt Strofe virgesinn si fir Betriber iwwer 5 AKen, déi no 2023 méi Véi halen, wéi déi Jore virdrun ?**

Entspriechend dem Artikel 7 ass eng Geldstrof proposéiert.

- **Firwat gëtt net alternativ d'Betribsentwécklung iwwert een objektive betribsspezifesche Monitoring zum Beispill a Saache Fudderautonomie gekuckt ?**

Een vun den Haaptfacteuren, deen d'Emissioune bestëmmt, ass d'Unzuel vun de Béischten. Dësen Indicateur ass aktuell schonns administrativ erfaasst, einfach ze suivéieren an ze kontrolléieren.

D'Fudderautonomie ass sécherlech eng interessant Approche, mee vill méi schwéier ze berechnen a belaaschtbar ze kontrolléieren. Doriwwer eraus ass keen administrative System en Place, fir d'Fudderautonomie fir all d'Betriber ze berechnen an ze kontrolléieren. Natierlech ass och de Landwirtschaftsministère beméit, d'Fudderautonomie an de Betriber ze verbesseren, dat soll notamment um Niveau vun der Berodung geschéien a mat Ënnerstëtzung duerch Agrarëmweltmoossnamen.

Et bleift ze präziséieren, dass bewosst keen Indicateur gewielt ginn ass, den un d'Verfügbarkeet vu Land gebonnen ass. Et soll evitéiert ginn, fir déi elo schonn ugespaante Situatioun beim Landpräis, sief et beim Kaf oder bei der Pacht, weider ze verschäerfen a sou de Strukturwandel weider ze forcéieren.

- **Kann den Här Minister eis och matdeelen, wéi a wéini hie gedenkt, d'Lëtzebuerger Landwirtschaft iwwer déi uewegenannten Aschränkungen ze informéieren ?**

De Projet de loi ass an der Chamber deposéiert ginn, an et ass lo un der Chamber, dëst Gesetz ze analyséieren, eventuell ze amendéieren an ze stëmmen. Dono kann een dem Secteur réischt verbindlech Informatioune betreffend dëst Gesetz zoukomme loossen.

- **Kennt den Här Minister soss nach Secteuren an der Wirtschaft, wou de Betribswuesstem gestoppt gëtt vun enger Gréisst vu 5 AKen un ?**

Den Indicateur vun der theoretescher Aarbechtskraaft ass geholl ginn, well dëse Berechnungssystem schonn aktuell bei Erstellung vum betribsspezifeschen Investitiounsplafong ugewannt gëtt, an deemno kéng nei administrativ Prozedur fir d'Berechnung vum Déierebestand, em deen et hei schlussendlech geet, ageféiert muss ginn.

An dem proposéierte Gesetzesartikel geet et deemno just em eng Limitatioun vun der Entwécklung vum Déierebestand, an dëst fir notamment déi national Ziler bei den Ammoniaksemissiounen an den

Zäregasen ze erreechen. Net viséiert sinn deemno Produktiounssecteuren, wéi zum Beispill de Kärebau oder de Geméis-, Uebst- a Wäibau. Och zum Beispill eng Weiderveraarbechtung vun der primärer Produktioun oder eng Diversifikatiounen an aner Beräicher sinn hei net viséiert. Deemno gëtt hei net de Betribswuesstem vun enger Gréisst vu 5 AKen un gestoppt, mee de maximale pro Betrib zoulässegen Déierebestand gereegelt.

Lëtzebuerg, den 30. August 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN